



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

► **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass nach guer net sou laang hier, dass mer nach an der aler Pleniëre iwwert d'Formation professionnelle geschwat hunn. Dës Jonk sinn och natierlech vun der Kris betraff. An hinne feelt déi néideg Evaluatioun vun hire Kompetenzen, hire Modüller an och gegeebefalls hire Stagen. Dëse Gesetzestext bitt hinne eng Dispens oder eeben eng Nott, déi via Règle de trois ausgerechent gëtt.

Eis gouf och an der Kommissioun verséichert, dass de Conseil de classe an d'Proffen dat Ganz natierlech och hei wäerten am Interêt vun Schüler kucken a bewäerten. An ech mengen, et ass ganz wichteg, dass d'Schüler net déi Leidtragend sinn a puncto Notten an a puncto vum Suivi vun hirer Formatioun vun dëser Kris. Natierlech muss och weiderhi gekuckt ginn, wéi dat Ganz kann an déi weider Formatioun agebaut ginn, dass do net Lacunne bleiwen. An ech si mer sécher, dass d'Proffen dat och wäerten um Schierm hunn.

An deem Sënn fanne mer dëse Projet richteg a wichteg. An ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun, ouni awer ze vergiessen, dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säi Rapport.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Bernard. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser weider.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President, villmools Merci. An ech wëilt dem Här Baum och Merci soen. En huet haut e besonneschen Effort gemaach, an dat musse mer natierlech och unerkennen. Bei eis ass zwar elo net de Problem onbedéngt vun der Gréisst vun de Buschtawen - dee kënnt heiansdo bei mir och vir -, mee éischter de Contenu vum Gesetz.

Et ass nämlech esou, dass mer wirklech hei net draosten hunn, wéi déi Lacunne sollen opgefëllt ginn. Well dat eent ass jo d'Notatioun vun Schüler an dat anert sinn déi Lacunnen, déi en a sengem Wëssen an a sengem Kënnen huet.

Mir hu jo hei elo Erklärungen héieren. An d'Madamm Hansen an anerer hu gesot: „Et steet net am Projet hei dran, wéini a wéi déi Lacunne sollen nogeholl ginn.“ Dat gesi mir och, wa mer soen: „Mir dierfen engem Schüler net elo duerch déi Covidphas hei schueden.“ Da sinn dat jo eeben net nëmmen d'Punkten, mee et ass och einfach säi Wëssen, fir säi Beruff herno kënne ze maachen. An dofir kann een do déi verschidden Interpretatiounen hunn.

Ech wëll d'Kolleege vun der CSV awer drun erënneren, wat se eis just virdrun hei gesot hunn. Bei der Motioun, déi mer beim éischte Projet haut gestëmmt hunn, do huet d'CSV gesot: « à entamer une analyse des programmes scolaires », do ass et ëm d'Orientéierung gaang no der Primärschoul, « de l'enseignement fondamental ainsi que des classes de septième du lycée et à procéder aux adaptations nécessaires [...] ». »

Do hu mir als ADR eebe gesot, well mir eis konsequent sinn, dat muss heeschen, dass kee Wësse verluer geet op der Streck. An dat gesi mer an dësem Projet genausou. Et dierf duerch Covid kee Wësse verluer goen! Et dierf een d'Programmer net allegéieren, mee et muss ee kucken, dass d'Leit op deem héchstméiglechen Niveau qualifizéiert ginn.

Dee Gesetzesprojet ass zwar ganz kuerz, mee en ass awer schwéier ze verstoen. An d'Madamm Hansen huet jo do Rechebeispiller ginn. Mir hunn nach de Moien eng Note explicative kritt. Déi wor ganz interessant a fir mech och e

bësse verwonnerlech. Ech sinn elo ronn zéng Joer an der Politik, mee et ass déi éischte Kéier an deenen zéng Joer, wou ech eng Note explicative kréien, wou drasteet: „Et soll een, fir dat Gesetz besser ze verstoen, d'Artikele vun hinnen no vir liesen.“

(Hilarité)

Dat wär méi einfach. An ech wëll dat hei, well ech wëll awer déi Freed deelen: « Aux fins de clarification », steet an der Note explicative, « il est plus facile », dat soen ech, « de lire les articles en sens inverse en allant de l'article 3 vers l'article 1^{er}. »

(Hilarité)

Wësst Der, Här President, wonnert lech net, awer ech soen lech, dass mer eis enthalen. Ent-hale wéinst dem Contenu vun dësem Projet, mee virun allem och enthalen, well mer gär wéissten, am Interessi vun deene jonke Leit, wéi se a wéini se d'Geleeënheet kréien, fir déi Lacunnen, déi se elo an hirer Schoulkarriär kruten, nozehuelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. De leschten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Ech sot et scho virdrun: Et dierf kengem duerch d'Kris en Nodeel geschéien. Dat soll net beim Léierpersonal sinn, dat soll net bei de Kanner am Fondamental sinn an dat soll och net bei deene sinn, déi eng Léier maachen, eng Berufsausbildung maachen.

Deementspriedend, als Éischt nach eng Kéier merci un de Rapporteur, dee sech dës Kéier besonnesch Méi ginn huet, fir eis de Rapport virzedroen, wann dat och éischter technesche Problemer geschéit war. Mee vun de Piraten aus gëtt et och heifir den Accord, well: Et soll kengem en Nodeel geschéien, ob een e Brëll brauch oder net!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, och hei hu mer probéiert, ganz pragmatesch ze reagéieren an ze kucken, wéi mer d'Kontinuitéit vun Léierprozess kënnen assureieren an awer och d'Apprentien net benodeeleegen. Dat hu mer zesummen ausdiskutéiert mat deene Responsabelen aus de Lycéeën, awer och mat de Vertrieeder vun de Chambres professionnelles, well mer jo d'Formation professionnelle zesummen organiséiere mat de Berufskummen.

An ech denken, dass mer hei an deem ganz komplizéierte System e Wee fonnt hunn, wou mer deene Krittären do gerecht gi sinn. Allerdéngs, grad well de System vun der Formation professionnelle scho sou komplizéiert ginn ass, ass en heiduerch nach net méi einfach ginn. An dat erkläert da vläicht dee Rot, deen de Fernand Kartheiser do aus eisem Haus kritt huet.

Et ass gefrot ginn, fir d'Programmer unzepassen am Laf vum nächste Joer. Ech denken, dass mer dat hei effektiv musse punktuell fir déi ënnerschiddlech Formatiounen och iwwerleeën op där enger Säit. Well mer hu jo och all Kéiers e Projet integré, deen en Zyklus ofschléisst vun der Formatioun, wou herno nach eng Kéier

iwwert déi ganz Formatioun zréckgekuckt gëtt an eigentlech déi Kompetenzen, déi um Programm stinn iwwer all d'Joren, zum Schluss nach eng Kéier kënnen ofgepréift ginn an dem Projet integré. An do dierf dann effektiv kee Lach entstoen.

Op där anerer Säit dierfe mer awer och elo net zousätzlech Epreuven d'nächst Joer nach eng Kéier anzéie fir eventuell dat, wat dëst Joer schonn hätt misse geleescht ginn, well soss geheie mer do och erëm eng Kéier deen dach komplizéierte System nach eng Kéier op d'Kopp. An deen een oder deen anerem Apprenti géif vläicht doduerjer och grad riskéieren hankenzebleiwen.

Ech ka mer awer ganz gutt virstellen, dass mer eng Kommunikatioun an deem dote Sënn och, souwuel un d'Schoule wéi och an d'Berufskummen, wäerte ginn, fir eebe sécherzestellen, dass dat, wat ech herno fir mäi Projet integré final wirklech muss gesinn hunn, och gemaach ginn ass. Dat ass och parallel ze gesinn zu deem, wéi mer jo am Fondamental an am Secondaire gesot hunn: Mer sollen eis op dat Essenziellt baséieren!

Duerfir denken ech, dass dat, virun allem well dat jo och eng Kommunikatioun war, déi mer fréi gemaach hunn ...

(Brouhaha)

► Une voix.- Pscht!

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... an déi och hei am Haus begréisst ginn ass, och zum Beispill vun de Spriecher vun der CSV hei am Haus begréisst ginn ass, dass mer eis op dat Essenziellt vun de Contene solle konzentrieren.

Et ass souguer recommandéiert ginn, mer sollen dat net nëmmen elo an der Covidphas maachen, mer sollen dat permanent maachen. Dat wär eigentlech eppes, wat souwisou eng Kéier misst geschéien. An duerfir wonnert et mech dann awer elo e bëssen, dass hei esou pedantesch insistéiert gëtt, dass dat, wat vläicht hei elo net am Detail konnt gemaach gi wéinst der Covidkris, dann awer onbedéngt herno am September nach eng Kéier nei misst nogemaach ginn.

Ech denken, et gëtt Contenuen, déi muss den Apprenti vermëttelt kréien. An dorobber solle mer Wäert leeën. An et gëtt och vläicht anerer, do géife mer warscheinlech d'nächst Joer nëmme méi komplizéiert maachen. An dat ass och net am Sënn vun deene Jonken.

Ech wëll awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass ech gesot hunn: „Dee System hei ass komplex à la base an e gëtt duerch dës Interventioun hei net méi einfach!“ An duerfir fanne ech et absolutt sënnavoll, dass mer grad hei déi Flexibilitéit notzen, déi de Conseil de classe huet.

An elo d'Aarbecht vun engem Conseil de classe esou duerzestellen, dass dat eigentlech just eng Rechemaschinn wär, dass dat e rengen Computer wär, dass dat e rengen informatesche Programm wär, dee géif Moyenné beieneenzielen an dann nach just decidéieren, ob et an déi Richtung oder an déi Richtung geet, a just dat géif kucken, wat déi Moyennen do aussoen, dass gëtt awer der Kompositioun vun engem Conseil de classe an der Iddi vun engem Conseil de classe net gerecht!

Ech denken, dass grad déi Leit, déi den Apprenti op d'mannst iwwer ee Joer laang gesinn hunn, déi vläicht säi schoulesche Wee iwwer Jore laang konnte begleeten, awer absolutt à même sinn, fir dorobber ze reagéieren, wa vläicht hei nëmmen eng Kompetenz emol beurteelt ginn ass, an dat iwwert déi Reegel de tri dann héichgerechent gëtt an dann eng ganz héich oder eng ganz niddreg Nott derbäi erauskënn.

Déi Kommunikatioun, déi mir ginn, dass ass, dass duerch esou Decisiounen keng Nott dierf erofgesat ginn. Dat wär eng Sanktioun. Mee et ass awer do, wou de Schüler vläicht duerch dee Rechemodell hei elo benodeelegt ginn ass, dass de Conseil de classe absolutt d'Fräiheet huet, fir deem entgéintzewierken an da kënnen d'Nott eropzesetzen an eeben de Gesamtfall ze kucken.

An zu deem Gesamtfall gehéiert eeben och déi doten extreem Situatioun, déi Härtefäll, déi hei geschildert gi sinn. An ech hunn absolutt Vertrauen, mee ech kann et awer och nach eng Kéier un d'Leit an de Schoule kommuniquéieren, dass déi dat mat Verstand an och mat Härz wäerte maachen.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Minister. Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här President. Ech fannen et dann erstaunlech - ech liesen elo nach eng Kéier hei, wat ech ge-

sot hunn -: Et muss an eisen Ae séchergestallt ginn, an dorobber weist och d'Chambre des Métiers hin, dass déi Kompetenzen, Elementer, déi an der Berufsausbildung essenziell sinn, déi fir de Beruff essenziell sinn, mussen an der Ausbildung behandelt ginn.

An dat hunn ech gefrot. An ech géif et komesch fannen, wann den Här Minister dat doten net géif esou matdroen.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech denken, dass et kloer war a menge Wieder an dass dat deem doten absolutt Rechnung dréit.

► **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Ma Dir hutt mir awer ënnerstallt, mir géifen eis net op dat Essenziellt begrenzen.

(Interruption)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Diskussioun ...

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech kann domadder liewen, wa mer eis eens sinn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Meisch.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ech kann absolutt domadder liewen, wa mer eis eens sinn.

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Okay. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7592. Den Text steet am Document parlementaire 7592⁴.

Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7592 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 35 Jo-Stëmmen bei 25 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7593 - Projet de loi relative aux mesures temporaires dans le domaine de la formation professionnelle et portant dérogation à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 7593, eng Ofännerung vum Aarbechtsrecht am Kader vun der Berufsausbildung. A Rapporteur vun dësem Projet ass nach eng Kéier den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.



Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum** (DP), rapporteur.- Voilà! Elo geet et erëm besser. De Computer huet gutt geschafft, da kommen ech méi séier derduerch.

Wéi mer allegueren heibanne wëssen, ass dës Kris net spuerlos un eise Betriber laanschtgaangen an och net spuerlos un all deene Leit, déi do schaffen. Dat gëllt och fir eis Léierbouwen an eis Léiermeedercher. Eng ganz Rei Betriber hunn hir Aktivitéiten erofgeuer oder hu souguer während enger Zäit ganz zougemaach. De Confinement huet d'Organisation an d'Beurteilung an der Berufsausbildung op d'Kopp gehäit, well d'Léierbouwen a -meedercher hir praktesch Formation beim Patron hu mussen op Äis leeën. Mat der ekonomescher Reprise riskéiert awer dee gudden Oflaf vun der Berufsausbildung fir d'Joer 2021 méi schwéier ze ginn duersch d'Konsequenzen och vun der sanitärer Kris.

Den Artikel L. 111-3 Paragraf 4 aus dem Code du travail gesäit vir, dass de Contrat d'apprentissage bis den 1. November muss ofgeschloss ginn. Well et ekonomesch awer nach méi lues geet, gesäit dës Projet de loi vir, den Delai bis den 31. Dezember ze verlängeren.

Falls e Contrat d'apprentissage opgeléist gouf, gesäit de Code du travail och vir, dass de Léierbouf oder d'Léiermeedche sechs Wochen huet, fir sech en neie Patron-formateur ze sichen. Dës Projet de loi gesäit vir, dass d'Konditioun vun deene sechs Wochen ausgesat gëtt fir déi Kontrakter, déi nom 16.3. opgeléist goufen, an et kann een déi Kontrakter bis un d'Enn vum Schouljoer erëm ophuelen.

Et ass e klengen, awer en extreem wichtige Projet de loi fir allegueren eis Jonk an der Ausbildung. Ech ginn och domat schonn den Accord vun der d'Demokratescher Partei an ech freeë mech dann drop, fir d'nächst Woch kënnen dräi weider Projet-de-loien hei ze presentéieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agegroun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. A fir d'éischt nach merci dem Rapporteur fir säi leschte Rapport da fir haut. D'Covidkris, an och dat huet de Rapporteur scho gesot, hat, huet a wäert och nach Konsequenze fir eis Betriber hunn. Awer genau dës Betriber

sinn immens wichteg fir eis Berufsausbildung, well ouni si geet et net. Ouni si ass d'Léieren e bëssen - ech vergläichen et elo mol mam Danzen -, wéi danzen ouni Musek. D'Praxis feelt einfach! Theorie eleng geet net duer, also brauche mer d'Realitéit vun de Betriber. An däers musse mer eis vläicht e bësse méi bewosst ginn!

Mat dësem Projet de loi ginn elo déi strikt Zäitlimiten, fir en éischte Patron ze fannen, wann een d'Ausbildungen ufänkt, oder fir en neie Patron ze fannen, falls ee Kontrakt fréizäiteg opgeléist ginn ass, opgelackert. Dat ass gutt esou, well et soll definitiv verhënnert ginn, och an der Berufsausbildung, datt e Student seng Ausbildung opgrond vu Covid-19 net kéint ufänke respektiv misst ofbriechen.

Allerdéngs, an dat wëll ech hei nach eemol betounen, muss alles dru gesat ginn, datt esou mann wéi méiglech Studente musse vun dësem Projet de loi profitéieren, well ech soen et dann eeben nach eemol: Déi praktesch Ausbildung an engem Betrib, déi praktesch Berufserfahrung an der reeller Welt ass essenziell!

An hei riskéiere mer leider an Zukunft, Problemer ze kréien, ganz einfach well eis Betriber och Problemer hunn. Dann ass d'Ausbildung vläicht net méi direkt hir éischt Prioritéit an da riskéiere mer op eemol, net méi genuch Ausbildungsbetriber ze kréien.

De Marc Spautz huet an dësem Sënn eng Question parlementaire gestallt. Ech hoffen, datt eis Ängschten hei net bestätegt ginn.

An dofir wëll ech ofschléissend just nach eemol soen: Et ass ëmsou méi wichteg, datt mer wierklech all déi Betriber, déi een ausbilden, mat alle Moyenen ënnerstëtzen, déi nëmme méiglech sinn!

An domadder ginn ech dann och den Accord fir dës Projet de loi vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. Da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Francine Closener** (LSAP).- Merci, Här President. A merci och nach eemol dem Rapporteur. Och d'Apprentië kënnen näischt fir dës Kris an de Confinement. Duerfir ass et richtig, derfir ze suergen, datt se keng gréisser Desavantages an hirem Parcours kréien. Duerfir ass et richtig, datt se bis Enn des Joers Zäit kréien, fir eng Ausbildungsplaz ze fannen.

Vu datt effektiv vill Betriber sech wäerte schwéierdoen, fir Léiermeedercher a Léierbouwen ze huelen, dat ass jo effektiv haut schonn net ëmmer evident, gëtt et sécherlech net méi

einfach. An duerfir ass et och richtig, déi Sechs-Woche-Reegel fir dës Joer ewechzeloosen, wann een en neie Patron muss sichen.

An duerfir ginn ech dann natierlech och zu dësem Projet de loi den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Closener. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Djuna Bernard.

(Brouhaha)

► **Une voix**.- Pscht!

► **Mme Djuna Bernard** (déi gréng).- Merci, Här President. An Zäiten, wou den Aarbechtsmarché op der Kopp steet, sinn et leider op ville Plazen d'Freelancer, d'Stagiaires, d'Studentenjobben, déi déi Éischt sinn, déi op der Kipp stinn. An ëmsou méi wichteg ass et hei, dass mer mat dësem Gesetzesprojet déi jonk Apprentien ënnerstëtzen a begleeden op hirer Sich no enger Stageplaz, fir am Kader vun der Formation professionnelle kënnen praktesch Erfahrungen an de Betriber ze sammelen.

Dat ass, wéi scho gesot, kee ganz einfache Prozess fir si, och net an normalen Zäiten. Et wäert och elo an de kommende Wochen a Méint net méi einfach ginn. Emsou méi wichteg ass et, dass d'Delaien hei verlängert ginn, mee awer och, dass d'Begleedung vun de Jonken an dësem Prozess ëmsou besser funktionéiert, dass déi Ënnerstëtzung do ass. An do sinn ech mer sécher, dass dat gemaach gëtt.

An deem Sënn: Mir begrëssen dës Projet de loi an ech ginn heimmadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech wëll awer och nach dem Rapporteur fir de véierte Gesetzestext vun dësem Mëtteg e grouse Merci soen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Bernard. D'Wuert geet direkt un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President. Ech kann et ganz kuerz maachen, well den Här Baum huet eis déi kéier wierklech iwwerzeegt a mir stëmmen dës Projet mat.

(Interruption)

Et ass awer, muss ech soen, och wierklech agreabel, am Kader vun dësem Projet och en anere Bléck op eis Entreprises ze werfen. Mir haten am Ufank vum Nomëtteg Leit hei, Ministere vun der Regierung, déi eis Entreprisë wëllen dirängelen. Elo schwätze mer iwwert déi Manéier, wéi mer eis Entreprisë kënnen derbäi

ënnerstëtzen, jonk Leit auszebilden. Dat ass eng positiv Approche. Dat ass déi richtig Approche, wéi mer mat eisen Entreprisë sollten zesummeschaffen. An ëmsou léiwer stëmme mer dës Gesetzesprojet och mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. De leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Merci och nach eng kéier dem Rapporteur fir de Rapport, deen dës kéier a grouse Buschtawe virgedroe gouf.

(Hilarité)

Wann et ëm d'Stagé geet, da gëtt et vläicht ee klenge Bemoll. Dat ass, datt et haut, an dat ass vläicht de Chambre-professionellen zouzedroen an net direkt dem Minister, nach ëmmer heiansdo schwéier ass fir Entreprises, fir Stageplazen ze offréieren, well se gewësse Konditiounen mussen erfëllen. Dat ass deen ee Bemoll. Wa mer eis nämlech ëmmer driwwer opreegen, datt et net genuch Stageplaze gëtt, da sollt ee sech vläicht och eng kéier Gedanken driwwer maachen, wéi een et vläicht nach méi einfach ka maachen, datt Entreprises, grad och jonk Entreprises, kënnen Stagiairen ausbilden.


Dat gesot, soll och erëm hei d'Kris kengem zum Nodeel ginn. An dofir droe mir dës Projet och mat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och hei nach eng kéier e grouse Merci un de Gilles Baum als Rapporteur, och un déi aner Intervenanten. Ech denken, datt dat heiten eng éischt Interventioun ass, déi mer elo gemaach hunn, déi mer och esou mat de Chambres professionnelles diskutéiert hunn. Woubäi ech awer do wëll soen: Do ginn d'Meenungen och ausereen, wat elo den Delai ubelaangt, bis wéini een e Contrat d'apprentissage kann ofschléissen. Mer hunn deen Delai elo no hanne verréckelt, fir eeben ze assuréieren oder, soe mer mol sou, deene Jonke méi Chancen ze ginn, nach e Kontrakt ze kréien an der Berufsausbildung fir d'nächst Joer.

Mer mussen awer dee ganze Beräich, de Secteur, d'Zuel vun den Apprentien, vun de Léier-



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.



plazen am A behalen. Op där enger Säit: Et gëtt eng ganz Rei vun Entreprises, déi an ekonomesch Schwieeregkeete gerode sinn duerch dës Kris an eventuell souguer Personal ofbauen, och riskéieren, Apprentien ofzebauen oder souguer ganz an eng Faillite ze geroden oder de Schlëssel ënnert den Teppech mussen ze leeën.

Do ginn also Plaze verluer, wou jo haut nach Jonker ausgebilt gi sinn. Dat musse mer um Radar behalen! Mir musse kucken, wéi mer do-robber reagéieren, zesumme mat aneren Entreprises, zesumme mat eise Schoulen. A mir mussen awer och ganz enk am A behalen, wéi d'Entreprises elo Léierplazen ausschreiwe fir d'nächst Joer, well sécherlech eng ganz Rei vun Entreprises och elo en anere Fokus hu momentan, wéi vläicht auszebilden.

Déi Angscht ass do, op eiser Säit, och op der anerer Säit. Ech muss allerdéngs soen, datt déi éischt Echoen, déi mer kréien, och aus den Entreprises, éischer positiv sinn. Mee mer müssen dat doten am Bléck behalen! Mer müssen natierlech kucken, wéi mer deene Jonken, deene Schüler, déi vun enger Cinquième kommen, déi an d'Beruffsausbildung wëlle goen a vläicht elo duerch déi heite Situatioun covidbedéngt keng Léierplaz fannen, aner Alternative kënnen ubidden, wéi mer d'Entreprise vläicht méi staark nach kënnen dran ënnerstëtzen, wéi mer eis Lycéeën awer och kënne fit maachen, fir do alternativ Programmer ze bidden.

Mir soen alleguerten zesummen hei an op anere Plazen: Duerch de Covid däerf et keng verluere Generatioun an der Schoul ginn! Nun, hei riskéiere mer se. An dat heiten ass eréischt eng éischt Interventioun, déi mer gemaach hunn. An dat musse mer ganz enk suivéieren. Ech si sécher, datt mer dat nach méi wéi eng Kéier hei mussen erëm diskutéieren.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7593. Den Text steet am Document parlementaire 7593⁵.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7593 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Santéskommissioun kënnt uschlëssend un d'Plenarsitzung vun haut am Plenarsall vun der Chamber zesummen.

Déi nächst Sitzungen hei am Cercel si viraus-siichtlech fir de 16., 17. an 18. Juni virgesinn. D'Sëtzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.14 heures.)

Sommaire des séances publiques n^{os} 39, 40 et 41

39^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 597
7589 - Proposition de loi portant modification de la loi du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale et portant modification : 1° du Code de procédure pénale ; 2° de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État ; 3° de la loi du 10 décembre 2009 relative à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux ; 4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; 5° de la loi du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire, et modifiant la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ; et portant abrogation : 1° de la loi du 29 mai 1992 relative au Service de police judiciaire et modifiant 1. la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire ; 2. le Code d'instruction criminelle ; 3. la loi du 16 avril 1979 ayant pour objet la discipline dans la Force publique ; 2° de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police (Déclaration de recevabilité)	p. 597
Communications	p. 597-598
Ordre du jour	p. 598
Dépôt d'une motion par Mme Djuna Bernard	p. 599
Motion de M. David Wagner relative à la modification de la loi concernant le bail à loyer	p. 599-600
Question parlementaire n° 1925 de Mme Nancy Arendt épouse Kemp concernant la prise en charge des victimes d'abus sexuels	p. 600-601
Motion de Mme Djuna Bernard relative au secteur culturel	p. 601-603
Question parlementaire n° 2060 de M. Marc Spautz concernant le CIPA Rumelange	p. 603
7221 - Projet de loi sur la responsabilité civile en matière de dommages en relation avec un accident nucléaire et modifiant 1) la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux 2) la loi modifiée du 21 avril 1989 relative à la responsabilité civile du fait des produits défectueux	p. 603-613
7573 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher	p. 613-614
Résolution de M. Sven Clement relative à la publication d'un rapport spécial de sortie de crise	p. 614-616
Ordre du jour (suite)	p. 616-617

40^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 617
Communications	p. 617-618
Ordre du jour	p. 618
Dépôt d'une motion par M. Marc Lies	p. 618-619
Dépôt d'une résolution par M. François Benoy	p. 619
Dépôt d'une résolution par M. Yves Cruchten	p. 619-620
Heure de questions au Gouvernement	
- Question n° 116 du 9 juin 2020 de M. Marco Schank relative à la réorganisation du réseau RGTR, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics	p. 620
- Question n° 117 du 8 juin 2020 de M. Gusty Graas relative à la multiplication du phénomène du « littering » pendant la phase de confinement, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable	p. 620
- Question n° 118 du 9 juin 2020 de M. Jeff Engelen relative à la sécurité de la mobilité douce, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics	p. 621
- Question n° 119 du 8 juin 2020 de Mme Cécile Hemmen relative au plan d'action contre les chenilles processionnaires, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable	p. 621
- Question n° 120 du 9 juin 2020 de M. Marc Goergen relative aux mesures antidumping dans l'aviation, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics	p. 621-622
- Question n° 121 du 8 juin 2020 de Mme Stéphanie Empain relative à une première évaluation du weekend de Pentecôte dans le secteur du tourisme, adressée à M. le Ministre du Tourisme	p. 622
- Question n° 122 du 8 juin 2020 de M. André Bauler relative à la protection et la valorisation écologique du patrimoine culturel dans le contexte de l'application de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable	p. 622.623
- Question n° 123 du 9 juin 2020 de M. Gast Gibéryen relative à la taxe sur le CO ₂ , adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État	p. 623
Question élargie n° 38 de M. Laurent Mosar au sujet de l'avenir de la Société Européenne des Satellites (SES)	p. 623-624
Question élargie n° 39 de M. Claude Wiseler au sujet du traçage informatique dans le contexte du coronavirus SARS-CoV-2	p. 624-625
Motion de M. Marc Lies relative à la réouverture des aires de jeux à partir du 10 juin 2020	p. 625-627
Question élargie n° 29 de M. David Wagner au sujet de la gestion et affectation des biens immobiliers du groupe POST	p. 627-629
7563 - Projet de loi modifiant la loi du 4 décembre 2019 relative à l'Office du Ducroire Luxembourg	p. 629-630
7527 - Projet de loi portant modification de 1° la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la Norme commune de déclaration (NCD) ; 2° la loi modifiée du 24 juillet 2015 relative à FATCA	p. 630-631
Résolution de M. François Benoy relative à la prise de position dans le cadre de la consultation publique de l'ONDRAF	p. 631-632

41^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 632
Résolution de M. Yves Cruchten relative au transfert des activités de la CHAFEA à Bruxelles	p. 632-634
Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du plan de relance et de sa dimension écologique et environnementale	p. 634-638
7590 - Projet de loi portant dérogation : 1° à l'article 26, paragraphe 2, point 3, de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ; 2° à l'article 6, alinéa 4, de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental	p. 638-640
7591 - Projet de loi portant dérogation aux articles 38, 39 et 68 de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental	p. 640-642
7592 - Projet de loi portant dérogation à l'article 33 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle	p. 642-643
7593 - Projet de loi relative aux mesures temporaires dans le domaine de la formation professionnelle et portant dérogation à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail	p. 643-645